LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Luxembourg, le 29 juin 2020

REÇU
Par Alff Christian , 17:26, 29/06/2020

Monsieur le Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

**Concerne : question parlementaire n° 2303 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe la réponse à la question parlementaire posée par l'honorable Député Fernand Kartheiser.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Claude Meisch
Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2303 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

Den INL ass d'Referenzinstanz vum Sproochenunterrecht am Generellen a vum Lëtzebuergeschunterrecht am Speziellen zu Lëtzebuerg. Den Unterrecht um INL huet mat Sécherheet e gudden Niveau an entsprécht de Besoine vu senger grousser Clientèle.

All Enseignant aus dem INL huet entweeder e Bachelor oder e Master an enger Sprooch a suivéiert vum Moment vu senger Astellung entweeder de Stage fir d'Fonctionnairen oder dee fir d'Employéen aus dem Enseignement, wéi dat am Gesetz virgesinn ass. Ausserdeem hunn all d'Enseignanten aus dem INL, wéi déi aner Enseignanten och, d'Flicht, sech am Laf vun hirem ganzen Aarbechtsliewe permanent weiderzebilden, 48 Stonnen an 3 Joer.

Den INL organiséiert och 2 Mol am Joer eng ganz Partie intern Formatiounen an an deenen eenzelen Departementer gëtt d'Collaboratioun tëschent den Enseignanten encouragéiert. Bei bal 17.000 Apprenante pro Joer, a bal 3.000 Zertifikatiounen, kommen extreem wéineg Reklamatiounen.

Generell sinn d'Apprenantë ganz zefridde mat de Servicer vum INL am Allgemengen a speziell mat de Coursen. Bei der Enquête satisfaction vum Hierschtsemester 2019, bei där ongeféier 20 Prozent vun den Apprenantë matgemaach hunn, konnt den INL een Taux de satisfaction vun 8,5 op enger Skala vun 10 erreechen. D'Resultater fënnt een um Site vum INL ënnert deem heite Link:
http://www.inll.lu/wp-content/uploads/2014/12/enqueteapprenantsautomne2019_siteweb.pdf

**Ad 2)**

Wat d'Zertifikatioun vum INL ugeet, muss een tëschent zwee verschiddenen Dokumenter ënnerscheeden: de Bilan des compétences, deen een no all Semester kritt an deen ausseet, ob ee prett ass, fir an den nächsten Niveau am INL ze goen, an déi offiziell Zertifikatioun am Lëtzebuergeschen, "Lëtzebuergesch als Friemsprooch (LaF)", wou d'Examen am INL ofgehalen an och ausgeschafft ginn.

Déi involvéiert Enseignantë ginn dofir an internen an externe Formatioune geschoult an e Comité de relecture iwwerwaacht de Contenu vum LaF.

Jidder Certificat ka just eng Momentopnam sinn. Wann ee Kandidat haut e B1 zertifiéiert kritt, heescht dat net, datt hien a 5 Joer nach ëmmer e Niveau B1 an där Sprooch huet, wann se net trainéiert a gebraucht ginn ass.

**Ad 3)**

D'Methodik vum INL orientéiert sech um Europäesche Referenzkader fir Sprooche vum Conseil de l'Europe an un den neisten Erkenntnisser aus der Andragogik. Och an dësem Beräich ginn d'Enseignantë reegelméisseg forméiert.

D'Grammaire gëtt am INL net als Selbstzweck enseignéiert, mä ëmmer an engem authentesche Kontext vu kommunikativen Alldagssituatiounen. Andeems den erwuessenen Apprenant de Sënn an Zweck gesäit, firwat dës oder déi Reegel a senger alldeeglecher Kommunikatioun wichteg ass, léiert a behält e se besser.

Generell kann ee soen, datt d'Methodik kommunikativ, funktionell, kontextgebonnen an handlungsorientéiert ass. Am Unterrecht Situatioune simuléieren, gehéiert zu de Prinzipie vun der Pädagogik esouwuel wéi der Andragogik.

**Ad 4)**

Wéi et am Gesetz vum 8. März 2017 iwwert d'Lëtzebuerger Nationalitéit festgehal ass, ginn am Sproochentest zwou Kompetenze gestest: Schwätzen a mëndlecht Verstoen. Déi zwee Resultater ginn, laut Gesetz, matenee verrechent, esou datt et méiglech ass, an och geschitt, datt eng Persoun, déi den Test packt, e gutt Resultat am Verstoen huet an e schlecht Resultat am Schwätzen, oder ëmgedréint.

Den INL féiert de sougenannte Sproochentest fir d'Nationalitéit ze kréie mat enger grousser Kompetenz a Professionalitéit duerch. All Préiwer vum Sproochentest muss all 2 Joer eng spezifesch Formatioun matmaachen. Och aner Formatiounen am Beräich Testing gi reegelméisseg intern am INL fir d'Enseignanten ugebueden.

D'Resultater vum Sproochentest gi reegelméisseg vun externen Experten analyséiert, fir ze garantéieren, datt déi verschidden Itemen dem richtegen Niveau entspriechen.